



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

Entrée le :

11 AVR. 2019

Luxembourg, le 11/04/2019

Le Ministre des Affaires étrangères et européennes
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Je vous prie de bien vouloir trouver en annexe la réponse du Ministre des Affaires étrangères et européennes et du Ministre de l'Immigration et de l'Asile à la question parlementaire n° 521 posée par l'honorable Député Monsieur Fernand Kartheiser .


Jean Asselborn

**Äntwert vum Här Jean Asselborn, Aussen- an Europaminister, Minister fir Immigratioun an
Asyl, op d'parlamentaresch Fro Nummer 521 vum 18. Mäerz 2019 vum honorabelen
Deputéierten Här Fernand Kartheiser**

Äntwert op d'Fro 1:

Wéi am Irak suivéiert d'Regierung d'Situatioun a Syrien vu ganz no. Fir de Moment steet net an Aussicht Syrer, déi internationale Schutz zu Lëtzebuerg kruten, opzefuerderen dee Statut opzeginn an an hiert Heemechtsland zeréckzegoen. Et ass awer all Syrer fräi ze entscheede fir fräiwëlleg a Syrien zrëckzegoen an de Statut zu Lëtzebuerg opzeginn.

Lëtzebuerg vertritt mat dëser Positioun déi gemeinsam Positioun vun der Europäescher Unioun (EU), dass de Krich a Syrien nach net eriwwer ass. Och wann d'Kampfhandlung mander ginn, ass a Syrien nach ëmmer déi nämmelecht Diktatur um Pouvoir, déi zënter 2011 op déi brutalst Manéier hir eege Bevëlkerung bekämpft huet. Dofir si mir och ganz kloer der Meenung, dass d'Bedingunge fir e Retour vun de Refugiéen net do sinn.

Äntwert op d'Fro 2:

D'EU huet eng gemeinsam Positioun: d'Bedingunge fir en sécheren a wierdege Retour vun de syresche Flüchtlinge wäert eréischt gi sinn, wann a Syrien eng politesch Transitioun ënnerwee ass, op der Basis vun der Sécherheetsratsresolutioun 2254. Virdu wäert keen europäescht Land déi betrafte Leit encouragéieren, fir heem ze goen.

Äntwert op d'Fro 3:

Fir de Moment kruten 1820 Syrer den internationale Schutz zu Lëtzebuerg accordéiert.

Äntwert op d'Fro 4:

D'Regierung huet sech weder en Zäitraum nach als Zil gesat, fir iwwert d'Situatioun a Syrien an am Irak, déi dagdeeglech ännert, ze kommunizéieren. Et ass wichteg ze ënnersträichen, dass den internationale Schutz net nëmmen a Verbindung mat enger Krichssituatioun besteet, mee virun allem och wann e Risk vun enger Verfolgung duerch Grënn vun der Rass, der Relioun, der Nationalitéit, der sozialer Zougehéieregkeet oder der politescher Meenung besteet. Deemno huet en Enn vum arméierte Konflikt net automatesch een Impakt op de Statut vun de concernéierte Flüchtlingen, well d'Grënn vun der Flucht nach ëmmer déi selwecht kënne sinn, an en Retour ënnert deene Konditiounen net ze envisagéieren ass.

Äntwert op d'Fro 5:

Am Fall vun engem kompletten Enn vum arméierte Konflikt am Irak an a Syrien, esou wéi der néideger politescher Transitioun zu Damaskus, géif d'Regierung déi Persounen, déi an hier

Heemecht wëllen zréck goen esou gutt wéi méiglech ënnerstëtzen. Eng proaktiv Kommunikatiounspolitik fir d'Leit an esou enger Situatioun opzefuerderen heem ze goen ass awer net virgesinn.

Äntwert op d'Fro 6:

D'Konditiounen an d'Recht op d'Familljenzesummeféierung fir Persounen déi ënnert dem internationale Schutz zu Lëtzebuerg wunnen ass an eisem Immigratiounsgesetz festgehalten. Dëse Persounen dëst Recht ofzëerkennen op Basis vun engem ongewëssen Enn vum arméierte Konflikt an der syrescher an irakescher Regioun ass net virgesinn - dëst zemoools net wann et der Persoun, déi zu Lëtzebuerg de Statut vum internationale Schutz huet, net méiglech ass dee Statut wéinst reelle Menacen am Heemechtsland, nees ofzeginn.

Äntwert op d'Fro 7:

Esou wéi d'Regierung dat zu London op der Geber-Konferenz 2016 annonciert hat, beleeft sech d'Lëtzebuenger humanitär Hëllef fir d'Syrer zënter 2016 op mannst op 7,5 Milliounen Euro pro Joer, an de Montant soll bis op mannst d'nächst Joer nach bäibehale ginn. Op der Geber-Konferenz zu Bréissel Mëtt Mäerz 2019 konnten d'Länner ausserdeem hir Hëllef via den EU-Mechanismus fir d'Tierkei am Kader vum Accueil vu syresche Flüchtlinge fir d'Joer 2019 deklaréieren, an doduerch beleeft déi geplangte Contributioun vu Lëtzebuerg sech dëst Joer op 10 Milliounen Euro.

Äntwert op d'Fro 8:

Ech referéiere mech op d'Äntwert op d'Fro 2 an op di gemeinsam Positioun vun der EU, dass d'Bedingunge fir en sécheren a wierdege Retour vun de syresche Flüchtlingen nach net gi sinn.

Äntwert op d'Froen 9 an 10:

De sougenannte "Brain Drain" oder Talentflucht, ass e Phenomen deen am Beräich vun der Migratioun effektiv net ganz nei ass. Haut gëtt d'Talentflucht virun allem am Beräich vun der legaler Migratioun benotzt, bei der Ofwerbung vun Talenter aus aneren, oft manner entwéckelten, Länner. Zu Krichszäiten an ënnert Diktaturen ass et nach ëmmer zur Flucht vu qualifizierten an héich qualifizéierte Persoune komm déi d'Entwécklungskapassitéite vun deene respektive Länner ofgeschwächt huet. Et ass eng normal Reaktioun wann Leit ënnert dem Risiko hiert d'Liewen ze loossen, hiert d'Land verloossen. An deem Sënn ass d'Talentflucht aus Krichsgebiddere net direkt gläichzestelle mat der Talentflucht am Beräich vun der legaler Migratioun. Ausserdeem referéieren ech mech nach eng Kéier op d'Äntwert op d'Fro 2.

Fir de Moment gi Syrer, déi ënnert dem internationale Schutz zu Lëtzebuerg sinn, weder opgefuerdert hei ze bleiwen, nach encouragéiert nees an hiert Heemechtsland zréck ze goen. An der Tëschenzäit ass et allerdéngs net onwichtig e "Brain waste" ze evitéieren an d'Kapassitéite vun de Flüchtlingen zu Lëtzebuerg ze maximiséieren.